Eng Ausstellung entlarvt de Mythos vum proppere Krich vun der Wehrmacht

# „Wann eppes ka verhënneren, datt dat erëmkënnt, dann nëmmen eng exakt Beschreiwung vun deem, wat do woar."

Denis Scuto

**Dës Ried gouf gehalen am Kader vun der Aweiung vun der Ausstellung „Verbrechen der Wehrmacht. Dimensionen des Vernichtungskrieges 1941-1944" de 5. Dezember 2002 am „Centre national de formation professionnelle continue" zu Esch-Uelzecht.**

**Wäert Éiregäscht,**
**Dir Dammen, dir Hären,**

Wéi ech gefrot gi sinn, fir d'Ried zur Ouverture vun der Ausstellung „Verbrechen der Wehrmacht. Dimensionen des Vernichtungskrieges 1941-1944" ze halen, do ass mer séier bewosst ginn, dass ech net nëmmen hei aleedend Wierder zu enger däitscher Ausstellung ze soen hätt, mee zu enger däitscher Ausstellung, déi op Lëtzebuerg kënnt, e Land, dat vill ënnert Nazidäitschland am Zweete Weltkrich ze leiden hat. D'Ausstellung ass nach net op a schonns tematiséieren éischt Lieserbréifer dëst Onrecht an dëse ganz besonnesche Kontext.

Erlaabt mer dofir, unhand vun zwou perséinlechen Erfahrungen als Historiker resp. Geschichtsprof, dee Kontext kloer ze maachen an ze versichen, d'Ausstellung dono doranner anzereien.

**D'Wehrmachtsausstellung kënnt op Lëtzebuerg ...**

Eng éischt Erfahrung ass déi, wann ech mat Klassen zum Beispill an de Resistenzmusée op Esch ginn. Wann Zäitzeien iwwert all dat erzielen, wat se matgemaach hunn ënnert der Nazi-Okkupatioun oder an de KZer, da fillen déi Jonk vun haut mat hinnen. Mee wat déi Schüler trotzdem haut net kënnen novollzéien, dat ass den Haass op d'Preisen – wéi mer déi Däitsch jo hei am Land ëmmer nach nennen –, deen eng Rei Resistenzler an Zwangsrekrutéiert ëmmer nach hunn. Déi Schüler sinn nämlech opgewuess an engem Deel vun Europa, dem seng rezent Geschicht a virun allem seng Unifikatioun jo nëmme méiglech gi sinn, well e Jorhonnerten alen Haass konnt iwwerwonne ginn.

Meng Roll als Enseignant ass et, de Schüler déi ënnerscheedlech Perspektive vu verschiddene Generatioune kloer ze maachen. Fir beim erweente Beispill ze bleiwen: Ech versichen de Schüler ze weisen, dass wa Mënschen an de KZer permanent vu Preise gepisaakt gi sinn a gefoltert, wann aner géint hire Wëllen an déi verhaassten däitsch Uniform gestach gi sinnn, wa munchereen grouss Deeler vun senger Famill am Krich verluer huet, dass da Verzeien zu enger Saach vun der Onméiglechkeet ka ginn. Op där anerer Säit mussen awer och Resistenzler an Zwangsrekrutéierter verstoen, dass am gemeinsamen Europa vun haut Jonker aus Lëtzebuerg, Frankräich, Däitschland oder anere Länner d'Recht hunn, sech ouni Mësstrauen an Ënnerstellungen ze begéinen a kennen ze léieren.

Mär mussen déi zwou Säiten am O behalen.

't ass kloer: Dës Ausstellung kënnt an e Land, dat vun Nazidäitschland géint d'Bestëmmunge vum Völkerrecht besat ginn ass. Et ass hei am Géigesaz zum Oste vun Europa kee Vernichtungskrich gefouert ginn. Mee, während där Okkupatioun sinn eng ganz Rei vu Krichsverbrieche verübt ginn: Well se sech géint en ongerechte Régime gewiert hunn a fir d'Onofhängegkeet vun hirem Land gekämpft hunn, si 4.000 Lëtzebueger – oder Resistenzler vun aneren Nationalitéiten, déi hei am Land géint d'Preise gekämpft hunn – an däitsch Prisonen a KZer deportéiert ginn. 800 vun hinnen sinn do ëmkomm resp. exekutéiert ginn. Vun de 700 Judden, déi vu Lëtzebuerg aus deportéiert gi sinn, hunn der nëmme 50 iwwerlieft. 4.000 Lëtzebuerger sinn an den Osten ëmgesidelt ginn. Iwwer 10.000 jonk Lëtzebuerger Männer vun de Joergäng 1920 bis 1927 si vun der däitscher Wehrmacht zwangsrekrutéiert ginn. 3.200 sinn net erëmkomm, déi meescht sinn un der russescher Front leie bliwwen. Anerer sinn als Refraktären oder Deserteuren higeriicht ginn.

Am ganzen huet de Krich 5.700 Affer an der Lëtzebuerger Bevölkerung gefuerdert. Wéi enorm déi Zuel proportionell ass, beweist de Verglach mat anere westeuropäesche Länner. 5.700 Mënschen, dat sinn 2% vun der Lëtzebuerger Bevölkerung, géint 1,5% vun der franséischer Bevölkerung, 1% vun der belscher, 0,7% vun der britescher. Nëmmen d'Hollänner hunn ënnert de westeuropäeschen Natioune proportionell mat 2,5% méi Doudesaffer ze bekloen.

Genee sou musse mer eis awer bewosst sinn, dass dës Ausstellung weist, welch Entwécklung Däitschland an der Veraarbechtung vun dem Onrecht a vun senger Vergaangenheet gemaach huet. Si sollt och als en Ustouss verstane ginn, déi paralell Entwécklung zu Lëtzebuerg och mol ze tematiséieren.

**Wéi geet e Land mat senger Vergaangenheet ëm?**

Déi zweet Erfarung, déi ech hei wëllt afléisse loossen, geet genee do drëms: Wéi geet e Land, wéi geet eng Gesellschaft mat der Vergaangenheet ëm? Wéi benotzt se d'Geschicht? Viru kuerzem hunn Historiker a Geschichtsenseignanten hir Käpp am Kader vum „Conseil de l'Europe" zesummegestreckt, fir ze kucken wéi an Europa am 20. Jorhonnert ëmmer neess d'Geschicht mëssbraucht ginn ass, sief et aus politeschen, ideologeschen oder reliéise Grënn. „Détournements de l'histoire" woar den Titel vum Symposium.

Als Participanten hu mer beim Thema spontan un Diktature geduecht, un totalitär Regimer, an deene keng öffentlech Meenung toleréiert gëtt, déi d'Aussoen iwwert d'Vergaangenheet ging kontrolléieren oder a Fro stellen. De Stalin fällt engem an, deen einfach Leit, déi him net gepasst hunn, vun de Fotoen aus der Zäit vun der Oktoberrevolutioun ewechretuschéiert huet. Diktaturen operéiere mat Negatioun a Fälschung.

Mee ganz séier huet sech op dem Symposium erausgestallt, dass haut och westeuropäesch Demokratien, dass och Länner wéi Lëtzebuerg, d'Bundesrepublik Däitschland asw., déi eng öffentlech Meenung hunn, d'Geschicht détournéieren. Net onbedingt duerch Negatioun oder Fälschung, mee duerch Betounung vun dem Positiven a Verschweigung oder Verdrängung vun dem Negativen.

Frankräich huet jorelaang d'Roll vum De Gaulle a vun der Résistance ervirgehuewen an zum Mythos verkläert a Vichy verdrängt oder ausgeklamert. Eréischt d'Aarbechte vun engem amerikaneschen Historiker, dem Robert Paxton, am Joer 1973, hunn d'franséisch Geschichtsschreiwung dozou beweegt, Vichy als dat ze behandelen, wat et ass, net eng Klamer, mee en Deel vun der franséischer Geschicht, mat enger Vergaangenheet an och enger Posteritéit an der „grande nation".

An Däitschland ass de renomméierten Historiker Theodor Schieder an de fofzeger Jore vun der Regierung chargéiert ginn, eng Publikatioun grand public ze dirigéieren iwwert d'Geschicht vun de sougenannten „Vertriebenen". Et ass zwar eng wëssenschaftlech Studie, mee de Kontext an d'Grënn, firwat déi Däitsch verdriwwe gi sinn, stinn net am Virdergrond, wuel awer d'Verbriechen, déi dobäi passéiert sinn.

Hei zu Lëtzebuerg brauch een nëmmen déi abondant Literatur zur Resistenz mat där éischter rar geséitener zur Kollaboratioun ze vergläichen, fir ze mierken, wat betount a wat éischter verdrängt ginn ass a weider gëtt.

Och dee Kontext schéngt mer fundamental. Well haut weie mer hei zu Lëtzebuerg eng Ausstellung an, déi sech net nëmme géint iirgend een „détournement de l'histoire" gewiert huet. Si huet net nëmmen e Mythos zerstéiert, mee si huet och um redoutabelsten Ausgangspunkt vu Geschichtsverfälschungen ugesat, deen et gëtt. Ech schwätze vum Tabu. En Tabu ass méi wéi en Zensurakt. En Tabu ass méi wéi en einfacht Vergiessen oder Iwwerbetounen. Tabu, dat heescht op franséisch, „ce sur quoi on fait silence, par crainte, par pudeur". Op däitsch: „herkömmliche Vorschrift (innerhalb einer Gesellschaft) über etwas nicht zu sprechen oder etwas nicht zu tun". D'Verbrieche vun der Wehrmacht woaren net nëmme politesch a gesellschaftlech tabu, si woaren natiirlech och nom Krich um individuelle Plang fir all déi eenzel Offizéieren oder Zaldoten, déi impliziéiert woaren, en Tabu.

**Tabutemen an Däitschland an zu Lëtzebuerg**

Och hei zu Lëtzebuerg iwregens. Et gi vill Berichter vun Zwangsrekrutéierten iwwert dat, wat se hu misse matmaachen. Mee an deene Berichter geet ganz wéineg Rieds vun de Verbrieche vun der Wehrmacht.

Dat ass tabu. Gi mer ee konkret Beispill: Dass Lëtzebuerger net nëmmen am Reserve-Polizei-Bataillon 101, wéi d'Aarbechten vum Christopher Browning gewisen hunn, mee och als Zwangsrekrutéiert gezwonge gi sinn, sech u Juddemorden ze bedeelegen, weist ee Bericht vum Resistenzler Dr. Schwachtgen, deen, wahrscheinlech Ufank 1943, ënner sengem Decknumm „Jean l'Aveugle" der Lëtzebuerger Exilregierung zu London folgende Bericht zoukomme léisst:

„Certaines recrues sont dans la région de Brest-Litovsk. Quelques Luxembourgeois ont été obligés sous la menace du pistolet à prendre part à l'exécution des juifs. Ceux-ci ont été rassemblés par groupes de cent. Avec les pelles des soldats ils ont été forcés de se creuser leur tombe. Les adultes juifs ont été abattus à coups de revolver, les enfants ont été assommés à coups de crosse; certaines brutes de Prusse orientale se sont fait un sport pour pourfendre les enfants à la bayonnette (renseignements dus à un témoin occulaire digne de foi). Les prisonniers russes ferment la tombe. Ce régiment en l'espace de trois mois, a exécuté 420.000 juifs. Je fais ressortir qu'il ne s'agit pas d'un régiment SS ..."

Dëse Bericht aus Lëtzebuerger Siicht weist 1., dass Verbänn vun der Wehrmacht selwer Exekutiounen vu Judden duerchgefouert hunn; 2., dass Lëtzebuerger ënnert der Menace vun enger Waff gezwonge gi sinn, sech un esou Exekutiounen ze bedeelegen. Dëse Bericht as zitéiert ginn an engem Artikel vum Paul Dostert an der Hémecht 2000. Bis haut huet nëmmen eng Zeitung, d'Lëtzebuerger Land, op dee wichtegen Artikel reagéiert. En Artikel vum Lucien Blau iwwer d'Lëtzebuerger am Polizeibataillon 101 am Tageblatt 1996 gëtt och an der Öffentlechkeet net tematiséiert. Oder et gëtt alles ofgestridden.

Souvill zu Tabuen zu Lëtzebuerg ...

Dës Ausstellung huet missen zu Polemike féieren, well se déif an individuell an emotionell Dimensiounen eragräift. Si huet ze di mat engem Deel vun eisem Bewosstsäin, deen, och wa mer eis et oft net wëllen agestoen, immens emotionell ass: An dat ass eis Erënnerung, eng Erënnerung, déi fir jiddwereen eenzelnen, mee och fir jiddwer Generatioun komplett verschidden ass. An der Erënnerung grad vun enger Krichsgeneratioun gëtt d'Vergaangenheet gär zu eppes Hellegem.

▷ **Suite Säit 21**



Opnam vum PK-Fotograf: Sprinkmann, Pancevo, 21. oder 22.4.1944

Membere vun der SS a vun der Wehrmacht bewaachen d'serbesch Gefaangener, déi op hir Verhandlung virum Standgericht woarden. (Quellenangab: Etablissement de communication et de production audiovisuelle de la défense France, DAT 338 L 16)



Opnam vum PK-Fotograf Gerhard Gronefeld (DHM, 387/23)

D'Affer um Wee zu hirer Hiriichtung

▷ Schluss vun der Säit 20

Den Historiker awer muss sech doriwwer ewechsetzen. An der Rekonstruktiounsaarbecht vum Historiker ass d'Vergaangenheet e Buch, deem seng Säiten nees erëmentdeckt musse ginn. 't ass eng Intrigue, déi mer léise wëllen, andeems mer d'Froen nom Firwat oder nom Wéi stellen, mat der Hoffnung, vläicht net Léiere fir d'Zukunft ze zéien, mee op d'mannst Orientéierungshëllefe fir haut a moar ze kréien a weiderzeginn.

**Wat weist dës Ausstellung?**

Op dëser historescher Fuerschung baséiert dës Ausstellung. Si weist virleefeg Resultater vun der Rekonstruktioun vum däitsche Vernichtungskrich am Oste vun Europa an d'Roll vun der Wehrmacht an dem Krich.

Si mécht unhand vu sechs grousse Beräicher kloer, dass d'Wehrmacht net nëmmen eenzel Krichsverbriechen am Oste vun Europa begaangen huet, mee datt se sech aktiv bedeelegt huet un engem u sech verbriecheresche Krich géint d'Sowjetunioun, deen als ideologesche Vernichtungskrich gefouert ginn ass géint en erfonntene sougenannte „jüdesche Bolschewismus". Déi sechs Dimensiounen, déi gewise ginn, sinn: 1. de Völkermord un de Judden an der Sowjetunioun; 2. den Doud vu méi wéi 3 Millioune sowjetesche Krichsgefaangener; 3. den Ernährungskrich, während deem, am Hibléck op d'Versuergung vun der Wehrmacht, Millioune Mënschen, notamment a Wäissrussland, dem Hongerdout ausgeliwwert gi sinn; 4. d'Deportatioun vu Milliounen Zwangsaarbechter – an ech erënneren hei och un déi sowjetesch Zwangsaarbechter an -aarbechterinnen hei am Lëtzebuerger Bassin minier, vun deene bis elo nach net vill geschwat ginn ass; 5. de Partisanekrich, deen als Terrorinstrument géint d'Zivilbevölkerung an nees virun allem géint d'Judden an der Sowjetunioun an um Balkan mëssbraucht ginn ass; 6. d'Repressalien an d'Geiselerschéissungen, déi wäit iwwert dat eraus gaange sinn wat d'Krichsrecht ënner „Sühnemaßnahmen" zougesteet.

D'Konklusioune vun der Ausstellung si ganz kloer:

• De Krich géint d'Sowjetunioun ënnerscheed sech radikal vun deenen anere Kricher vum 20. Jorhonnert a suguer vun de Kricher, déi déi däitsch Wehrmacht am Zweete Weltkrich an anere Länner wéi och hei zu Lëtzebuerg gefouert huet: d'Verbriechen am Osten woare keen Nieweprodukt vum Krich, mee d'Vernichtung vu Judden a vu Slawen resp. hir Versklawung woaren d'Krichszil.

• Dëse Krich woar kee Schicksal, e woar laang am Viraus geplangt, an zwar net vun engem ahistoreschen Däiwel mat Numm Hitler eleng, mee och vun der Wehrmachtsféierung.

• Un dem verbriecheresche Krich woare vill NS-Institioune bedeelegt: Einsatzgruppen, héich SS- a Polizeichefen, Waffen-SS, Uerdnungspolizei, Zivilverwaltungen an eben d'Wehrmacht. Beim Völkermord vun de Judde läit d'Haaptverantwortung bei den Einsatzgruppe vun der Sicherheitspolizei a vum Sicherheitsdienst souwi bei de Verbänn vun den héichen SS- a Polizeicheffen. Mee ouni d'Mataarbecht vun der Wehrmacht hätt de Massemord un de Judden net kënnen duerchgefouert ginn. Fir d'Massestierwe vun de sowjetesche Krichsgefaangenen, deels duerch hir katastrophal Verfleegung an Aquartéierung, deels duerch arbiträr Erschéissungen dréit dogéint den Oberkommando der Wehrmacht d'Haaptverantwortung.

Geneesou wichteg ass et awer direkt festzehalen, wat dës Ausstellung a wat d'historesch Fuerschung haut net behaapten:

• Et as keng generell Uklo géint 18 Milliounen Zaldote vun der Wehrmacht.

• Et geet och net drëm, just d'Roll vun der Wehrmacht ze tematiséieren an all déi aner däitsch Eliten ze vergiessen, déi versot hunn: d'Justiz, d'Universitéiten, d'Dokteren, déi héich Verwaltungsbeamten, d'Wirtschaft, Deeler vun de Kiirchen.

Et geet awer drëm, endlech an definitiv opzeraume mat engem Mythos, deen sech bis haut an der breeder Öffentlechkeet – an ech mengen esouguer net nëmmen an Däitschland – gehalen huet: op der enger Säit de knaschtege Krich vun der SS an op där anerer Säit de proppere Krich vun der Wehrmacht.

**De Mythos vum proppere Krich vun der Wehrmacht**

't as d'Entstoe vun dem Mythos an seng Entwécklung zu engem Dogma, deen de bundesdäitsche Stat matgedroen huet, deen am Mëttelpunkt vun dëser Ried steet.

D'Entstoung selwer intrigéiert een. Well wann ech soen, dass d'historesch Fuerschung vun de leschten 30 Joer dee Mythos widerluecht huet, dann ass dat net ganz richteg. Eigentlech ass dee Mythos schonns direkt nom Krich entlarvt ginn, nämlech um Nürnberger Prozess. D'Alliéiert wosste ganz genee, dass e Vernichtungskrich am Oste gefouert ginn ass. 't ass grad well an dem Krich Mënschen aus politeschen, rasseschen oder reliéise Grënn verfollegt an ermord gi sinn, dass zu Nürnberg zum Beispill d'Kategorie „Verbrechen gegen die Menschlichkeit" agefouert ginn ass. Gewosst woar, dass d'Féierung vun der Wehrmacht dee Rassen- a Weltanschauungskrich matgedroen huet.

Schonns am Dezember 1938 schreift den Oberbefehlshaber vun der däitscher Arméi, de Generaloberst Walther von Brauchitsch, an engem Dekret iwwer d'Erzéiung vun den Zaldoten: „Daß die Grundgedankengänge des Nationalsozialismus von Anfang an bei keiner Gemeinschaft mehr Bejahung fanden als beim Offizierskorps, ist selbstverständlich, sind doch seine grundlegenden Ideen schon immer richtunggebend für die Wehrmacht gewesen. Wehrmacht und Nationalsozialismus sind desselben geistigen Stammes." Et ass dee selweschte von Brauchitsch, deen 1941 vu schockéierten Offizéieren op Massaker un der sowjetescher Zivilbevölkerung higewisen gëtt. Wéi si him soen, dass si als Offizéiere vun der Wehrmacht dach do net einfach kéint nokucken, äntwert heen hinnen: „Dann ziehen Sie einfach den Vorhang zu."

Et ass also keen Zoufall, dass zu Nürnberg Strofprozesser géint 27 Generäl gefouert ginn, vun deenen en Deel virum Prozess jo hei zu Mondorf gefaange woaren. De Versuch, de Generalstab an den Oberkommando vun der Wehrmacht als verbriecheresch Organisatioun ze erklären ass méi aus formellen an takteschen, wéi aus inhaltleche Grënn gescheitert.

Et ass dono vu „Siegerjustiz" geschwat ginn. Dat stëmmt zu engem Deel, nämlech wann een drop hiweist, dass nëmme Persounen vun deene Länner, déi de Krich verluer haten, konnte wéinst Krichsverbrieche verfollegt ginn. Dat stëmmt awer carrément net, wann een domat ënnerstellt, dass d'Prozesser net fair verlaf wieren.

Et brauch een nëmme mat de Prozesser géint däitsch Krichsverbriecher zu Lëtzebuerg ze vergläichen, déi geneesou fair verlaf sinn. Ausser dem Gauleiter Gustav Simon, deen sech d'Liewe geholl huet, just iirt en u Lëtzebuerg ausgeliwwert sollt ginn, sinn déi wichtegst politesch Responsabel jugéiert ginn. 5 Doudesuerteeler a laang Fräiheetsstrofe mat Zwangsaarbecht si verhaange ginn. Mee d'Doudesuerteeler sinn net vollstreckt ginn. An déi lescht däitsch Gefaangener si wéi an den aneren westalliéierte Länner 1957/58 fréizäiteg fräikomm. Wann een zeréckkuckt, da stellt ee fest, dass d'Lëtzebuerger Justiz vill méi streng woar mat de Lëtzebuerger Kollaborateure wéi mat de Responsabele vum Nazi-Okkupant.

En hallëft Joerhonnert méi spéit confirméieren an nüancéieren zugläich déi neiste Fuerschungen déi alliéiert Jugementer. Ech wéilt hei stellvertriedend e puer Konklusiounen zitéieren aus de Studie vum jonken Holocaust-Chercheur Christian Gerlach, deen 1998 promovéiert huet mat der Thèse „Kalkulierte Morde. Die deutsche Wirtschafts- und Vernichtungspolitik in Weißrussland".

Zu den Handlungsméiglechkeeten an der Verantwortung um Massestierwe vu sowjetesch Krichsgefaangener schreift en, dass op der enger Säit eenzel Lagermannschaften oder eenzel Zaldote kaum eppes um Ernährungszoustand vun de Gefaangene konnten änneren; souguer d'Lagerkommandanten hate wéineg Afloss op de Verdeelungssystem fir d'Liewensmëttel, deen zentral vun der Wehrmachtsféierung festgesat gouf. Op där anerer Säit hunn d'Lagerkommandanten eng Riseverantwortung bei der mäerderesch schlechter Aquartéierung vun de Gefaangenen am Wanter 1941/1942 gehat. An op där anerer Säit hunn déi eenzel Zaldoten, deenen hir Aufgab et eigentlech woar, ze bewaachen, Zingdausende Gefaangener dout gemaach, ouni dass iirgendee präzisen Uerder vun uewe komm wir. D'Verantwortung louch also do bei de Waachéquipe selwer.

D'Strofverfolgung zu Nürnberg huet eigentlech déi legal Basis geschaf, fir där komplexer Verantwortungsfro Rechnung ze droen a fair Prozesser sinn do an och an deenen anere westalliéierte Länner gefouert ginn. Mat „Siegerjustiz" hat dat näischt ze dinn.

**D'Erfollegsfacteure vun enger Legend**

D'Fro, déi een sech natiirlech stellt, ass, wéi et da méiglech ass, dass d'Legend vun der propperer Wehrmacht sech bis haut oder op d'mannst bis zur Polemik ronderëm dës Ausstellung an der breeder Öffentlechkeet konnt halen.

Wéi d'Ausstellung weist, huet si ugefaang mam leschte Bericht vun der Wehrmacht vum 9. Mee 1945, wou Rieds geet vum „heldenhaften Ringen" vun der Wehrmacht, vun „ehrenvoller" Nidderlag an den ophält mam Saz: „Den Leistungen und Opfern der deutschen Soldaten zu Lande, zu Wasser und in der Luft wird auch der Gegner die Achtung nicht versagen." Si gouf verstäerkt duerch d'Memoire vu bekannte Generäl, duerch Sachbicher, an deene vun allem Rieds geet ausser vu Verbriechen, Schold a Verantwortung u milliounefachem Doud u Judden, Russen, Serben.

Den éischten Erfollegsfacteur vun där Legend ass e sozialpsychologeschen. Um Spill steet fir déi Milliounen däitsch Zaldoten, déi iwwerlieft hunn, net méi an net manner wéi de Sënn vun hirem Liewen. An de Wierder „heldenhaft", „ehrenvoll", „einmalige Leistung" kritt hiert individuellt Liewen an engem Däitschland, dat seng komplett Nidderlag huet missen öffentlech op allen Niveauen unerkennen, nees e Réckhalt.

D'Mémoire vu Generäl, déi oft hir Idoler woaren, hunn hinnen erlaabt, och dat, wat si perséinlech hu misse matmaachen oder fräiwëlleg gemaach hunn, wat se gesinn oder héieren hunn, ze tabuiséieren.

En zweete Facteur ass en aussepoliteschen. 1947 huet de Kale Krich ugefaang. D'Alliéiert vu gëscht sinn zu Feinde ginn. Ee visibelt Zeechen dofir woar d'Deelung vun Däitschland an zwee Staten. Am Kampf géint de Kommunismus stung d'Bundesrepublik Däitschland un der viischter Front. Vun 1950 u woar dofir d'Wiederbewaffnung vun der BRD déi wichtegst aussepolitesch Decisioun. D'Offizéiere vun der Wehrmacht sinn nees gebraucht ginn. Et konnt een also net weiderfuere wéi zu Nürnberg an op d'Matverantwortung vum Militärapparat pochen. Am Géigendeel: Déi däitsch Militärféierung drängt op „die Wiederherstellung der Ehre des deutschen Soldaten". Mam permanenten Hiweis op d'Bedroung aus dem Oste woar et e liicht Spill fir déi bundesdäitsch Eliten, enger Ausernanersetzung mat der Nazivergaangenheet aus dem Wee ze goen.

Dësen zweete Facteur hängt enk zesumme mat engem drëtten innepolitesche Facteur: d'Noutwendegkeet vun der Integratioun vu fréieren Nazien an d'Bundesrepublik an also d'Amnistie. Eng Noutwendegkeet, déi souguer antifaschistesch Deportéierter wéi den Eugen Kogon, bekannt fir säi Buch „Der SS-Staat", ënnerstrach hunn. Zougespëtzt sot hien, et kéint een se jo net all ëmbréngen, also misst een sech hirer unhuelen an se fir d'Demokratie gewannen.

Déi Politik vun der Integratioun huet – mär däerfen dat net vergiessen – der Bundesrepublik Stäipe ginn, déi d'Weimarer Republik ni krut, wat positiv fir d'Zukunft vun der Demokratie an dem Land woar.

Negativ huet sech natiirlech déi perséinlech Kontinuitéit an alle gesellschaftleche Beräicher op d'Vergangenheitsbewältigung ausgewiirkt. Déi däitsch Justiz zum Beispill huet praktesch keng Nazi-Verbrieche méi verfollegt. De Mythos vun der propperer Wehrmacht ass zum Dogma ginn.

**D'Zwangsrekrutéiert an den däitsch-lëtzeburgesche Vertrag vum 11. Juli 1959**

Erlaabt mer hei eng wichteg Lëtzebuerger Klamer opzemaachen.

Negativ huet déi Entwécklung an Däitschland an d'Roll vun der Bundesrepublik Däitschland als Frontstat am Kale Krich sech och op eng ganz Kategorie vun Nazi-Affer zu Lëtzebuerg ausgewiirkt. Ech schwätze vun de schonns erweente Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten. Si sinn am Kader vun der sougenannter „Wiedergutmachung" net als NS-Opfer mee als Krichsaffer oder wéi et schliisslech geheescht huet als „Opfer illegaler Maßnahmen des Nazi-Regimes" gefouert ginn. Si goufen deemno nëmmen am Kader vum Bundesversorgungsgesetz fir d'Krichsaffer entschiedegt an net och am Kader vum Bundesentschädigungsgesetz fir d'NS-Affer.

D'Lëtzebuerger Zwangsrekrutéiert hunn sech awer zu Recht als Nazi-Affer gesinn. An si hunn och protestéiert géint Entschiedegungen an engem gesetzleche Kader, deen se souzesoen nees eng Kéier zu däitsche Zaldote gemaach huet. Déi Lëtzebuerger Zwangsrekrutéiert hate virun allem d'Impressioun, um Altor vun der Normaliséierung vun de Relatiounen tëscht Lëtzebuerg an dem NATO-Partner Bundesrepublik Däitschland souzesoen eng zweete Kéier geaffert ze ginn.

▷ Fortsetzung Säit 22



Opnam vum PK-Fotograf Gerhard Gronefeld (DHM, GG 387/35)

7 Affer vun den Erhänkungen um Kierfecht vu Pancevo

# Verbrechen der Wehrmacht



▷ Schluss vun der Säit 21

Eréischt déi 12 Millioune n DM vun der Regierung Helmut Kohl fir d'„Fondation aide et assistance aux personnes âgées“ aus dem Joer 1987 hunn op d'mannst um politesche Plang engem graven däitsch-lëtzebuergesche Konflikt en Enn gesat. Um mënschleche Plang sinn déi al Wonnen, déi den däitsch-lëtzebuergesche Vertrag vum 11. Juli 1959 opgerappt hat, bei de Familljen vun de Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten awer längst nach net verheelt.

Erënnere mer an dësem Kontext och drun, dass déi däitsch Deserteure vun der Wehrmacht eréischt dëst Joer rehabilitéiert gi sinn. An Éisterräich sinnn se nach ëmmer net rehabilitéiert, wat esou munches iwwer d'Vergaangenheetsbewältegung an deem Land ausseet.

1959 steet awer och fir e wichtegen éischte Wendepunkt an der däitscher Vergaangenheetspolitik. Chrëschtdag 1959 sinn d'Kölner Synagoge mat Hakekräizer beschmiert ginn. Dat woar den Ufank vun enger antisemitescher Well vu Schmierereien a Kirfechschändungen, déi d'Ausland skandaliséiert hunn. D'Veruerteelung duerch Gewerkschafts- a Parteichefen souwi duerch d'Medien huet ënner anerem dozou gefouert, dass den Adenauer méi decidéiert géint de Rietsextremismus virgaangen ass, mee och dass d'Opklärung iwwer d'NS-Vergaangenheet an de Schoulen endlech ugefaangen huet.

Mee dëst woar eréischt en timiden Ufank.

**Däitsch Vergaangenheetspolitik: den Hinzerter Strofprozess vun 1961**

Wéi widersprëchlech déi Joren nach woare weist ee Prozess, deen am Joer 1961 zu Tréier géint zwee Responsabel vum SS-Sonderlager Hinzert gefouert ginn ass, den SS-Oberscharführer Josef Brendel an den SS-Zänndokter Werner Fenchel. Virun allem de Brendel ass de Letzebuerger Deportéierten als brutale Chef vum Krankenrevier zu Hinzert een triste Begrëff. Hee woar eng éischte Kéier 1950 wéinst senge Brutalitéiten zu enger kuerzer Prisonsstrof veruerteelt ginn. Mee et woar him do nach gelongen, seng Participatioun um schlëmmste Krichsverbriechen, dat zu Hinzert begaangen ginn ass, ze verheemlechen.

Am Oktober 1941 sinn ongeféier 70 russesch Krichsgefaangener, deenen eng Impfung virgetäuscht gi woar, mat Zyankalisprëtzen higeriicht ginn an an engem Massegraf verschäert ginn. Eréischt an deem neie Kontext vun 1960 ass dem Brendel dowéinst de Prozess gemaach ginn. De Brendel gëtt do zou, dass en dem 1. Kommandant vum SS-Sonderlager Hinzert an dono Kommandant vu Buchenwald, Hermann Pister, bei der Exekutioun gehollef huet. Seng Affekote betounen, dass en am Kader vum sougenannten „Kommissarbefehl“ vum 6. Juni 1941 agéiert huet. Hitler an Oberkommando vun der Wehrmacht gi mat dëse Richtlinne bekannt, dass sämtlech politesch Kommissairen vun der Rouder Arméi direkt an a kompletter Mëssuechtung vum Krichsrecht ze liquidéiere sinn.

D'Affekote vu Brendel a Fenchel ënnersträichen, dass si de kriminelle Charakter vun dësem Uerder net hätte kënnen erkennen an dass et engem Zaldot vun nidderem Rang hätt missen onméiglech erschéngen, deem Uerder net ze follegen. De Procureur behaapt dogéint, dass de kriminelle Charakter kloer woar an zitéiert d'Beispill vun engem SS-Camionschauffeur, dee refüséiert huet, d'Läiche vun de russeschen Zaldoten ze transportéieren, nodeems e gemierkt huet, dass se higeriicht gi woaren. Deen SS-Chauffeur ass iwregens dowéinst deemols vun senge Virgesetzten net sanctionnéiert ginn.

Den 20. Dezember 1961 sinn d'Ugekloten Brendel a Fenchel an dësem leschte Strofprozess iwwert d'Lager vun Hinzert fräigesprach ginn. (De Kommandant Hermann Pister woar schons 1947 am Prison gestuerwen.) Den Albert Pütz, fréiere Riichter zu Tréier, deen d'juristesch Dokumentatioun zu dem Prozess d'lescht Joer publizéiert huet, an deen 1961 zu enger neier däitscher Generatioun vu jonke Riichtere gehéiert huet, schreift doriwwer Folgendes: „Die deutscherseits aus der Nachkriegszeit anhaltende Scheu, jemanden Mörder zu nennen, wenn es sich um staatlich befohlene Nazi-Greuel handelte, erhielt in Folge dessen Rückhalt bis in die sechziger Jahre. Wer auf der Ebene der Handarbeiter der SS-Tötungsbranche einen Mord auf Befehl eigenhändig begangen oder daran unmittelbar teilgenommen hatte, galt nach der Gehilfen-Rechtsprechung im Prinzip nur als Mordgehilfe, d.h. als bloßer Helfer des eigentlichen Täters, und dieser, meist der Vorgesetzte, als Täter.“

Och dowéinst ass dës Ausstellung wichteg. Si widerleet net nëmmen d'Legend vun der propperer Wehrmacht. Si entlarvt och Aussoe wéi „Ich habe nichts gewusst“ oder „Ich habe bloß ausgeführt“ als Ausrieden, déi, wann den Uklopunkt „crime contre l'humanité“ heescht, net kënnen an net dierfen zielen.

**E Mythos gëtt entlarvt**

Dofir hunn sech och an Däitschland vun de 60er Joren un jonk Riichteren, kritesch Journalisten an iwwerhaapt déi jonk Generatioun mat de Froen un hir Elteren agesat. D'personell Kontinuitéit ass frontal attackéiert ginn. Erënnere mer hei nëmmen aus Lëtzebuerger Siicht un de Fall vum Leonard Drach, dem Ankläger beim Sondergericht a beim Standgericht, dat Standgericht, dat am September 1942 20 Lëtzebuerger, déi un engem friddleche Streik géint d'Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Jongen an d'Wehrmacht deelgeholl haten, am Schnellverfahren, ouni Ukloschrëft, ouni Recht op Verteidegung, ouni datt se oft iwwerhaapt wossten, dass se virun engem Geriicht stungen, zum Dout duerch Erschéisse veruerteelt huet. Och hir Läiche sinn zu Hinzert an engem Massegraf geland.

Den Drach gouf zu 20 Joer Zwangsaarbecht veruerteelt an 1954 fréizäiteg fräigelooss. Zeréck an Däitschland gouf e schonns 1956 zum Oberstaatsanwalt befördert. Eréischt eng Pressekampagne parallel zu Lëtzebuerg an am „Spiegel“ huet 1965 dozou gefouert, dass e seng Plaz huet missen opginn.

Zënter de 60er Joren huet anengems d'historesch Recherche an Däitschland eng opklärend Roll gespillt. Grad d'Etüde vu Militärhistoriker wéi dem Manfred Messerschmidt, an dono vu Fuerscher wéi dem Christian Streit, dem Walter Manoschek oder dem Christian Gerlach hunn et méiglech gemaach, dass mer haut ëmmer besser informéiert sinn iwwer déi düster Roll vun der Wehrmacht am NS-Stat. Iwwerhaapt ass den Zweete Weltkrich an Däitschland mëttlerweil vill méi grëndlech opgeschafft wéi zum Beispill am Nopeschland an historeschen Kontrahent Frankräich, fir nëmmen dëst Land ze nennen.

Den Duerchbroch an de Käpp vun de Leit dobaussen ass awer eréischt duerch dës Ausstellung erreecht ginn, déi mer den Owend aweien.

Pikanterweis sinn et grad d'Feeler, déi an dëser Ausstellung begaange gi sinn, andeems Fotoe falsch interpretéiert goufen, déi hire Succès nach méi grouss gemaach hunn. Wat beweist, dass een ni kritesch genuch ka sinn, wann ee mat Quellen iwwer d'Vergaangenheet konfrontéiert gëtt an niewebäi, dass Historiker, vun hirer Formatioun hir, haut nach Schwieregkeeten hu mat Quellen, déi keng Text- mee Bildquelle snin, ëmzegoen. De Bericht vun der Historikerkommissioun, déi ee Joer laang d'Ausstellung iwwerpréift huet an hir Feeler korrigéiert huet, bestätegt nach eng Kéier d'Grondaussoe vun der Ausstellung:

„Es ist unbestreitbar, dass sich die Wehrmacht in der Sowjetunion in den an den Juden verübten Völkermord, in die Verbrechen an den sowjetischen Kriegsgefangenen und in den Kampf gegen die Zivilbevölkerung nicht nur 'verstrickte', sondern dass sie an diesen Verbrechen teils führend, teils unterstützend beteiligt war. Dabei handelt es sich nicht um vereinzelte 'Übergriffe' oder 'Exzesse', sondern um Handlungen, die auf Entscheidungen der obersten militärischen Führung und der Truppenführer an der Front und hinter der Front beruhten.“

Ech wéilt zum Ofschloss ebe grad unhand vun e puer Fotoen aus der Ausstellung weisen, wat menger Meenung no ee vun de wichtegste Message vun der Ausstellung ass, nämlech: Lauschtert net op déi Leit, déi Iech soen, et sollt een endlech e Schlussstréch ënnert d'Vergaangenheet zéien.



Opnam vum PK-Fotograf Gerhard Gronefeld (DHM, GG 388/16)

Déi Affer, déi nëmme verletzt woren, gi mat engem gezielte Schoss vun engem Offizéier vun der Wehrmacht doutgemaach

**E ruckelzecht Buch oder Geschichtsfälschung am Joer 2002**

Loosst mech erklären, wéi ech dat mengen: D'lescht Woch sinn ech duerch eng grouss Lëtzebuerger Librairie spazéiert an hunn am Rayon „Histoire“ gewullt. Ech sinn do op e schwoarzt Buch gefall, deem säin Titel mech direkt intrigéiert huet. A roude Buchstawe steet drop „Kriegsverbrechen“ an da geet et op wäiss weider „in Europa und im Nahen Osten im 20. Jahrhundert“. Et ass 2002 erausgi gi vun engem däitsche „Professor für Sozial- und Militärgeschichte an der Universität der Bundeswehr München“ an engem amerikanesche „Völkerrechtler und Historiker“.

Wou ech de Resumée hannen um Deckel gelies hunn, do hunn ech eng éischte Kéier de Kapp gerëselt. Do steet dann: „Zu den bekannten Stichworten des Zweiten Weltkrieges, der als umfassender Vernichtungskrieg die meisten Kriegsverbrechen aufweist, gehören auf deutscher Seite Babyi Yar, Lidice, Oradour und Malmédy, auf sowjetischer Seite Feodosia, Grischino, Katyn und Nemmersdorf sowie auf westallierter Seite Mers-el-Kebir, Monte Cassino, Annecy und Dresden.“

't as subtil an dégoutant zugläich. Subtil well eng ganz Rei vun deene Nimm effektiv fir Krichsverbrieche stinn. Dégoutant, well suggéréiert gëtt, dass eigentlech all Säit an net nëmmen d'Wehrmacht am Osten e Vernichtungskrich gefouert huet. Dat ass falsch a bewosst Geschichtsverfälschung.

Mee ech woar mat menge béisen Iwwerraschungen nach net um Enn. Och Krichsverbriechen, déi hei an der Ausstellung gewise ginn, ginn – wat en Zoufall – am Buch erweent, fir se dann am selweschten Otemzuch ze relativiséieren. Gräife mer ee Beispill eraus: Am Inhaltsverzeichnis steet ënner „Einzelfälle“: „Umstrittene Geschehnisse in Pancevo im April 1941“.

Unhand vun e puer Fotoen ass et wichteg, kuerz ze erklären, wat zu Pancevo geschitt ass. Am Abrëll 1941 huet Nazidäitschland Belgrad bombardéiert a Jugoslawien iwwerfall. „Unternehmen Strafgericht“ huet dat geheescht. De 17. Abrëll kapituléiert déi jugoslawesch Arméi. Wéi de Militärhistoriker Walter Manoschek schreift, weist d'Wehrmacht schonns e puer Dag méi spéit, welch Moossnamen se an d'Zukunft bei Widerstandsaktioune gedenkt ze ergräifen. Wéi en Zaldot vun der SS-Division „Das Reich“ an der serbescher Stad Pancevo erschoss gouf vu Partisanen, wollt de Stadkommandant en Exempel statuéieren. 38 serbesch Zivilisten gi verhaft. Ennert hinne woar e Bouf vu 15 Joer, deen de Paradesäbel vun sengem Papp wollt verstoppen. E Standgericht ass zum Schäin agesat ginn. Ouni sech kënnen ze verteidegen, si 36 Zivilisten am Schnellverfahren zum Dout veruerteelt ginn, déi eng duerch Erhänken, déi aner duerch Erschéissen, wéi den Tätegkeetsbericht vum Geriicht beweist. Op de Fotoen hei an natiirlech och op de Panneauen an der Ausstellung si 25 Affer vun deenen Exekutiounen ze gesinn. Op zwou weider Fotoe vun der PC-Statioun sinn déi aner eelef Victimen ze erkennen. An och en Amateurfilm weist déi schrecklech Biller. Fir déi serbesch Bevölkerung anzeschüchteren sinn d'Hiriichtungen öffentlech duerchgefouert ginn. Enner anerem dofir hu mer souvill Bildmaterial. De selweschten Dag ginn ning sougenannt „Volksdeutsche“ aus där Géigend vum fréiere Banat begruewen, déi eng Woch virdru vun der jugoslawescher Arméi op hirem Réckzuch ëmbruecht gi woaren. De selweschten Dag gëtt de Stadkommandant vu Pancevo bekannt, dass an Zukunft fir all verwonden oder ermorden däitschen Zaldot zing Serben erhaange ginn. Pancevo ass en éischt Beispill fir Massenerschéissunge vun Zivilisten duerch d'Wehrmacht um Balkan. 't ass e kloert Krichsverbriechen, dat zweifelsfräi duerch eng Aberzuel vun Akte beluecht ginn ass, wéi d'Historikerkommissioun et nach eng Kéier betount huet. D'Foto vum Offizéier vum Regiment „Großdeutschland“, dee mat senger Pistoul op en nach liewegt Affer vun der zweeter Exekutioun bei der Kiirfechtsmauer ziilt, ass zur Ikon vun der Ausstellung ginn.

Mee d'Wourecht spillt am Buch vum Franz Seidler a vum Alfred de Zayas nëmmen eng Nieweroll: An sengem Buch sinn d'Haltschent vun den Awunner vun Pancevo net Volksdeutsche ënner Gänseféisescher. Et si carrément Volksdeutsche. D'Terminologie vu „Großdeutschland“ gëtt also iwwerholl. Aus den Zivilisten, déi mer einwandfrei als solch eleng schonns op de Fotoe kënnen identifizéieren, mécht en irregulär Zaldoten. D'Standgericht wir ganz korrekt verlaf, obwuel net nëmmen d'Fotoen, mee och d'Zeienaussoe vun den däitsche Responsabelen de Géigendeel beweisen a mär hei a Lëtzebuerg e Liddche kënnen dovu sangen. Zu gudder Lescht gëtt da gesot, et wiren nëmmen 18 Leit higeriicht ginn, „weil auf Grund des Bildmaterials die Gesamtzahl der Hingerichteten mit 18 belegt ist“, obwuel een op de Fotoen, déi bestinn, der 36 gesäit an d'Fotoen d'Etappen vun der Veruerteelung, wéi se am Tätigkeitsbericht festgehale sinn, exakt confirméieren.

Ech muss Iech soen, dass mär d'Schudderen ausgaange sinn, wéi ech dat gelies hunn. Well et huet mech un den Terror nom Streik hei zu Lëtzebuerg erënnert, en Terror, deen sech och bei eis mam Standgericht wollt e juristeschen Deckmäntelche ginn.

D'Schuddere ginn engem aus, well de Konsument, ob jonk oder al, deen esou Bicher keeft, net weess, dass den Här Seidler de Liblingsconférencier vu rietsradikalen Organisatiounen an Däitschland ass. Beim amerikaneschen Historiker Alfred de Zayas steet net um Buchëmschlag, dass heen sou ganz niewebäi de stolze Kulturpreisträger 2002 vun der „Landsmannschaft Ostpreußen“ ass.

Meng Roserei iwwert déi revisionistesch Publikatioun, déi soss näischt bezweckt wéi d'Banaliséierung vum däitschen Vernichtungskrich an Ost- a Südosteuropa, hat awer och eppes Positives. Et ass mer elo nach méi kloer, wéi enorm wichteg fir en demokratescht Europa esou eng Ausstellung wéi déi, déi mer haut aweien, ass. Et kann een den Initiateure vun dëser Ausstellung net genuch fir hire politesche Courage an hir Opklärungsaarbecht felicitéieren.

Ech wéilt et ofschléissend maachen mat engem Zitat aus dem Dokumentarfilm „De Schwaarze Schnéi“ iwwer d'Lëtzebuerger am KZ, dee vum verstuerwenen Justiz- a Kulturminister Robert Krieps, dee selwer op Hinzert, Natzweiler an do Dachau deportéiert gouf, an Optrag gi woar. Ee vun de Lëtzebuerger Resistenzler, deen am Kader vum Film interviewt ginn ass, resüméiert den Optrag mat dëse ganz einfache Wierder:

„Well wann eppes ka verhënneren, datt dat doten erëmkënnt, dann nëmmen eng exakt Beschreiwung vun deem, wat do woar.“

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet. **Denis Scuto**